HARMONIE MUNICIPALE "LES ECHOS DE L'ALZETTE" ROESERBANN
Association sans but lucratif.
Sëtz: Réiser, 41A Grand-Rue, L-3394 Roeser

STATUTEN

Kapitel I. Bezeechnung, Sëtz, Zweck, Dauer

Art. 1. Den 1. Januar 1905 gouf ënnert dem Numm «Les Echos de l'Alzette» zu Réiser eng Musekgesellschaft an d'Liewe geruff, déi säit dem 5. Dezember 1985 de Numm HARMONIE MUNICIPALE 'LES ECHOS DE L'ALZETTE' ROESERBANN dréit.

An der Generalversammlung vum 16. Januar 2009 gouf bestëmmt, datt d'Musekgesellschaft vun do un de Statut vun enger «Association sans but lucratif» kritt, geméiss dem geännerte Gesetz vum 21. Abrëll 1928 iwwert d'Gesellschaften an d'Fondatiounen ouni Gewënnzweck mam Titel: HARMONIE MUNICIPALE 'LES ECHOS DE L'ALZETTE' ROESERBANN, Association sans but lucratif.

D'Memberen vun der Gesellschaft stinn op der Lëscht déi un dës Statuten annexéiert sinn, an en intégrale Bestanddeel vun hinne sinn.

Art. 2. Gläichwäerteg zum offizielle Numm HARMONIE MUNICIPALE 'LES ECHOS DE L'ALZETTE' ROESERBANN, Association sans but lucratif, kann och de Numm «Réiserbänner Musek» gebraucht ginn.

Art. 3. D'HARMONIE MUNICIPALE 'LES ECHOS DE L'ALZETTE' ROESERBANN, a.s.b.l. huet säi Sëtz zu L-3394 Réiser, 41A Grand-Rue. De Sëtz kann duerch Beschloss vum Komitee op all aner Adress an der Gemeng Réiser verluegt ginn.

Art. 4. D'Gesellschaft huet als Zweck ze musizéieren, Concerten ze ginn, senge Musikanten eng theoretesch a praktesch Ausbildung unzebidden, Festlechkeeten a Veranstaltungen mat hirer Musek ze verschéineren, an d'geselleg Ennerhalung ze ënnerstëtzen.

Si ka sech direkt oder indirekt un all Aktivitéiten oder Organisatiounen bedeelegen, déi deeselwegten oder en ähnleche Gesellschaftszweck wéi d'Gesellschaft huet.

Art. 5. D'Dauer vun der Gesellschaft ass onbeschränkt.

Kapitel II. Memberen, Antrëtt, Austrëtt, Ausschloss

Art. 6. D'Zuel vun de Memberen ass onbeschränkt. D'Gesellschaft muss awer op d'manst aus 10 Memberen bestoen. Membere sinn:

a) Musikanten: Musikante si Memberen, déi eng Mindestformatioun vun 2 Joer op engem Instrument a Musekscouren bei der UGDA, an enger Musekschoul respektiv an engem Konservatoire ofgeschloss hun. De Fähnrech ass och Member vun der Gesellschaft.
b) Komiteesmemberen: D'Komiteesmemberen, op Musikant oder Netmusikant, si Memberen vun der Gesellschaft.

Eiremusiker oder Eirekomitesmember op Liewenszäit kënne nëmme Memberen vun der Gesellschaft ginn, déi duerch laangjäereg Verdéngschter fir d'Gesellschaft eng besonnesch Unerkennung verdéngen. En Eirentitel kann och vergi ginn, wann Aussergewéinleches fir d'Gesellschaft geleescht gouf. D'Ernennung zum «Eiremusiker» oder «Eirekomitesmember» geschitt op Virschlag vum Komitee a bedéngt d'absolut Majoritéit vun der Generalversammlung. Den Eiremusiker oder Eirekomitesmember kann och den Titel vu senger leschter Fonktioun am Veräin droen. Den Eierepräsident kann a berodender Fonktioun an den Komiteesversammlungen deelhuelen.

Eiremember gëtt all Persoun déi de Verein mat engem jäerleche Beitrag, deem säi Minimum all Joer an der Generalversammlung festgeluecht gëtt, ënnerstëtzt.

Art. 7. Fir Member vun der Gesellschaft ze ginn, muss en Antrag un de Komitee gestallt ginn, deen iwwer d'Memberschaft entscheed. All Member muss e festgeluechte Joresbäitrag bezuelen.

Art. 8. Den Austrëtt vun engem Member aus der Gesellschaft erfollegt, wa méiglech mat Begrënnung, schréftlech oder mëndlech – an dëst 1 Mount virum Austrëtt – un de Komitee. All Member, dee säi Joresbäitrag bis 3 Méint nom Délai net bezuelt huet, kann aus der Gesellschaft ausgeschloss ginn.

Art. 9. All Member, deen duerch säi Verhalen oder seng Tätegkeet d'Gesellschaft kéint schiedegen, kann duerch d'Generalversammlung no geheimer Ofstëmmung mat 2/3 Majoritéit ausgeschloss ginn. De Komitee huet d'Recht, Memberen bis zur nächster Generalversammlung ze suspendéieren. Dës Membere musse schréftlech virun de Komitee bestallt ginn, wou si d'Méiglechkeet kréien, fir sech ze rechtfertegen.

Art. 10. Materialien, déi ausgetrueden oder ausgeschlosse Memberen vun der Gesellschaft kritt haten, si bannen 30 Deeg der Gesellschaft a guddem Zoustand zréckzeginn. Material dat feelt oder gefléckt muss ginn, gëtt op Käschte vum Member ersat oder gefléckt, wann et dem Member seng Schold ass.

Art. 11. Eierememberen die hiere jäerleche Bäitrag net bezuelen, gi vum Komitee vun der Lëscht vun den Eierememberen gestrach.

Kapitel III. Verwaltung

Art. 12. Zur Gesellschaft gehéieren folgend Organer:

a) d'Generalversammlung,
b) de Verwaltungsrot, deen d'Bezeechnung "Komitee" dréit,
c) d'Musikanteversammlung,
d) d'Finanzkommissioun.

Art. 13. D'Musikanten, déi mindestens 16 Joer al sinn, an d'Komiteesmemberen stellen déi stëmmberechtegt Memberen an der Generalversammlung. Eierememberen a Netmemberen hunn Zoutrëtt zu der Generalversammlung, awer kee Stëmmrecht. De Komitee bestëmmt all Joer den Datum vun der Generalversammlung, déi am Ufank vum Veräinsjoer ofgehale gëtt. D'Generalversammlung gëtt geleet vum Präsident, respektiv vun engem anere Member no de Bestëmmungen vum Artikel 38.

Art. 14. D'Aberuffung fir d'Generalversammlung mat der Dagesuerdnung geschitt op d'manst 10 Deeg virum Termäin. All weider Propositioun, déi d'Ennerschréft vu mindestens 1/20 vun de stëmmberechtegten Memberen dréit, a mindestens 5 Deeg virun der Generalversammlung agereecht gouf, muss op d'Dagesuerdnung kommen.

Art. 15. D'Generalversammlung kënnt op d'manst eng Kéier am Joer zesummen a befaasst sech ënner anerem mat folgende Punkten:

1) Rapport iwwer déi vergaange Joresaktivitéit vun der Gesellschaft,
2) Finanzrapport iwwer dat vergaangent Veräinsjoer an Entlaaschtung vum Keessier nom Bericht vun der Finanzkommissioun,
3) Wiel vun de Komiteesmemberen,
4) Wiel vun der Finanzkommissioun,
5) Virstellung an Ofstëmmen vum Budget fir dat nächst Veräinsjoer, an
6) Virstellung vun der Joresaktivitéit vum nächsten Veräinsjoer.

Art. 16. D'Generalversammlung hëlt all Beschléss mat der absoluter Majoritéit vun den uwiesende Memberen, ausser an deene Fäll, wou d'Gesetz oder dës Statuten et anescht virgesäit.

Art. 17. All Beschléss an der Generalversammlung ginn an offener oder, wa mindestens 1/20 vun de stëmmberechtegten Memberen dat verlaangen, a geheimer Ofstëmmung gefaasst. Dës Beschléss si verbindlech fir all Memberen, och fir déi, déi an der Generalversammlung net do sinn. Bei Stëmmegläichheet ass den Antrag verworf. De Sekretär mécht e Rapport iwwer all Berodungen a Beschléss vun der Generalversammlung. De Rapport vun der Generalversammlung gëtt am Sëtz vun der Gesellschaft fir d'Memberen an och Netmemberen ausgehaangen.

Art. 18. Eng ausseruerdentlech Generalversammlung kann aberuff ginn op Beschloss vum Komitee oder wa mindestens 1/5 vun den stëmmberechtegten Memberen dëst verlaangen. 4 Wochen no der schréftlecher Ufro muss dës ausseruerdentlech Generalversammlung ofgehale ginn.

Art. 19. De Komitee besteet aus wéinstens 9 an héchstens 15 Membere vun der Gesellschaft. Wann néideg kann dës Unzuel vum Komitee bis op 17 gehéicht ginn. Kandidate fir de Komitee musse groussjäereg sinn, a säit wéinstens engem Joer Musikant oder awer Eierememberen vun der Gesellschaft sinn.

Art. 20. Komiteesmemberen gi vun der Generalversammlung genannt. Kandidature kënne bis virun der Generalversammlung gestallt ginn. D'Kandidatur muss schréftlech un de Präsident agereecht ginn. Den Dirigent, deen och Member ka sinn an doduerch stëmmberechtegt ass, kann an de Komissiounen matschaffen, ass awer net berechtegt, seng Kandidatur fir de Komitee ze stellen.

Art. 21. D'Dauer vum Komiteesmandat ass 4 Joer. All 2 Joer gëtt ofwiesselnd een Deel vum Komitee nei gewielt. Austriedend sinn daat eent Waaljoer, an ausnahmweiss fir d'éischte Kéier 2 Joer no der Grënnung vun dëser Gesellschaft, de Präsident an de Keessier mat 5 Memberen, 2 Joer drop déi 2 Vizepräsidenten, de Sekretär an déi aner Memberen. Austriedend Komiteesmemberen kënnen erëmgewielt ginn. Gewielt sinn déijéineg, déi di relativ Stëmmemajoritéit kréie mat op d'manst 1/3 vun de Stëmmen. Bei Stëmmegläichheet gëtt fir déi a Fro kommend Kandidaten eng 2. Kéier gewielt. Wann nach eng Kéier Stëmmegläichheet besteet, ass dee Kandidat gewielt, deen am längste Member an der Gesellschaft ass. Wiele per Akklamatioun ass nëmmen zoulässeg, wa manner ewéi 1/20 vun den stëmmberechtegten Memberen Asproch erhiewen. Persounen, déi am éischten an am zweete Grad matenee Famill sinn, souwéi bestuete Koppelen a Leit déi an engem Partenariat liewen am Sënn vum Gesetz vum 9. Juli 2004, kënne net gläichzäiteg Komiteesmember sinn.

Art. 22. D'Generalversammlung bestëmmt all 2 Joer e Jugendvertrieder deen a berodender Fonktioun um Komitee deelhëlt. De Jugendvertrieder muss mindestens 16 Joer hunn an héchstens 20 Joer. Hien huet kee Stëmmrecht am Komitee. Seng Aarbecht ass d'Uleiëss vun alle jonke Musikanten am Komitee virzebréngen a säin Avis aus der Siicht vun de jonke Musikanten zu Décisiounen am Komitee ze ginn.

Art. 23. De Komitee bestëmmt an der 1. Sëtzung no der Generalversammlung aus senger Mëtt e Präsident, en 1. an en 2. Vize-Präsident, e Keessier an e Sekretär.

Art. 24. De Komitee huet d'Recht, am Laf vum Joer vakant Mandater am Komitee ze besetzen, déi dann an der nächster Generalversammlung bestätegt musse ginn.

Art. 25. De Komitee huet d'Recht, am Aklang mam Gesetz a mat de Statuten, Reglementer ze erloossen, déi d'Rechter an d'Pflichten vun de Memberen an der Gesellschaft festleeën. Et ass seng Pflicht, d'Ausféierung vun de Statuten ze iwwerwaachen, d'Beschléss vun der Generalversammlung auszeféieren an d'musikalesch Aktivitéite vun der Gesellschaft op all Manéier ze garantéieren. De Komitee behält d'Gérance iwwer all Kommissiounsgruppen, déi an der Gesellschaft bestinn, a bestëmmt hir Memberen. Ausserdem kann de Komitee iwwer all déi Fäll entscheeden, déi am Gesetz oder an de Statuten net virgesi sinn. Am allgemengen huet de Komitee sämtlech Pouvoiren, déi d'Gesetz oder dës Statuten net ausdrécklech engem aneren Organ virbehalen.

Art. 26. De Komitee vertrëtt d'Gesellschaft bei all Akten déi ufalen, a Geschäfter mat Privatpersounen oder öffentleche Verwaltungen an Anstalten. De Komitee kann dëse Pouvoir un een oder méi Komiteesmemberen délégéieren. De Präsident ënnerschreift mam Sekretär oder mam Keessier zesummen all Veräinsdokumenter. Am Fall wou de Präsident verhënnert ass gëtt e vertrueden no de Bëstemmungen vum Artikel 38.

Art. 27. Komiteessëtzungen gi vum Präsident aberuff oder op Ufro vun 1/3 vun de Komiteesmemberen. De Komitee ass beschlossfäeg, wann 1/2 vu senge Memberen präsent sinn. Gëtt dës Zuel net erreecht, da gëtt eng nei Sëtzung banne 14 Deeg aberuff. Dës 2. Sëtzung ass beschlossfäeg ouni Rücksicht op d'Zuel vun de Memberen, déi präsent sinn. Komitesbeschléss gi mat absoluter Stëmmemajoritéit vun deenen déi mat ofgestëmmt hunn getraff. Bei Stëmmegläichheet a Sachfroen entscheed de Virsëtzenden, a Persounefroen d'Lous. All Komiteesbeschléss ginn an engem Rapport festgehal. Op Invitatioun vum Komitee kann den Dirigent oder aner Inviteeën un de Komiteessëtzungen deelhuelen. Wann de Komitee beschloss huet e Punkt ënner Aussschloss vu Netkomiteesmemberen ze behandelen, mussen si op Opfuerderung vum Präsident de Raum verloossen.

Art. 28. Komiteesmemberen, déi ouni tréfftege Grond un 3 Komiteessëtzungen hannerteneen net do waren, kënne suspendéiert ginn.

Art. 29. D'Musikanten an d'Komiteesmemberen bilden d'Musikanteversammlung. Den Dirigent kann an der Musikanteversammlung, op Invitatioun vum Komitee, als Beroder derbäi sinn. D'Musikanteversammlung gëtt vum Präsident aberuff, wann de Komitee et fir noutwendeg fënnt oder wann op d'manst 1/5 vun de Musikanten dëst verlaangen. D'Aberuffung fir d'Musikanteversammlung ass schréftlech mat enger Dagesuerdnung.

Art. 30. Propositiounen, Wënsch an och Reklamatiounen aus der Musikanteversammlung ginn an engem Rapport festgehal an dem Komitee virgeluecht. A bestëmmte Fäll muss ofgestëmmt ginn, fir d'Meenung vun der Majoritéit vun de Musikante festzehalen. Propositiounen aus der Musikanteversammlung mussen am Komitee diskutéiert ginn. Déi lescht Décisioun bleiwt beim Komitee.

Art. 31. D'Finanzkommissioun gëtt vun der Generalversammlung ernannt. Si besteet aus engem Komiteesmember, dem seng Mandatsdauer 2 Joer ass, an aus 2 groussjaërege Musikanten, deenen hier Mandatsdauer 1 Joer ass. D'Finanzkommissioun kontrolléiert d'Comptabilitéit, d'Keess an déi ofgeschlosse Joresofrechnung. D'Finanzkommissioun muss all Joer e Bericht iwwer d'Finanze vun der Gesellschaft maachen, iwwer deen d'Generalversammlung ofstëmmt.

Kapitel IV. Veräinsverméigen

Art. 32. D'Veräinsverméigen besteet aus:
a) der Veräinskeess, an
b) dem Material dat um Inventar steet.

Art. 33. D'Veräinskeess gëtt gespeist duerch Subsidien, Schenkungen, Subventiounen an Netto-Einnahmen vun den Veräinsveranstaltungen. Ausserdem fléissen an d'Keess d'Joresbäiträg vu sämtleche Memberen an Eierememberen, déi vun der Generalversammlung festgeluecht ginn a 50,- Euro net däerfen iwwerschreiden. D'Joresbäiträg vun de Memberen an den Eierememberen kënne verschidden sinn.

Art. 34. D'Veräinskeess huet all Ausgaben ze bezuelen, déi zu Laaschten vum Veräin ginn a vum Komitee genehmegt sinn. Bei aussergewéinlechen Ausgaben déi d'Veräinskeess iwwerlaaschten, kann de Member erugezu ginn, fir sech un de Käschten ze bedeelegen.

Art. 35. Bei Reesen a Veräinsausflig kënnen, durch Komiteesdécisioun, Memberen ausgeschloss ginn déi bei méi ewéi 1/3 vun den Manifestatiounen vun der Gesellschaft onentschëllegt gefeelt hunn.

Art. 36. Sämtlecht Material vum Veräin steet ënnert der Kontroll vum Komitee. De Komitee bestëmmt en Inventarverwalter. Bei Bedarf kann dës Missioun erweidert ginn. Den Inventarverwalter féiert Buch doriwwer. Dëse Bericht ass en Deel vun der Comptabilitéit, deen der Finanzkommissioun beim Joresofschloss présentéiert gëtt.

Kapitel V. Rechter a Pflichten vun de Memberen

Art. 37. All Member ass berechtegt sech beim Komitee ze beschwéieren an Anträg ze stellen. All Member ass verpflicht, den Aktivitéiten vun der Gesellschaft bäizewunnen, ouni bezuelt ze ginn. De Komitee kann, a bestëmmte Fäll, Leeschtunge vu Memberen entschiedegen.

Art. 38. De Präsident huet de Virsëtz an der Generalversammlung, an de Komitessëtzungen an anere Veräinsversammlungen, bei Festlechkeeten oder anere Veranstaltungen.

Wann de Präsident net do ass, trëtt den 1. Vize-Präsident an seng Rechter a Pflichten. Bei Ofwiesenheet vum Präsident an 1. Vize-Präsident trëtt den 2. Vize-Präsident an hir Rechter a Pflichten. Bei Ofwiesenheet vum Präsident an de Vizepräsidenten trëtt den dengschteelste Komiteesmember deen uwiesend ass an hir Rechter a Pflichten.

Art. 39. De Sekretär féiert d'Veräinskorrespondenz. Iwwer all Beschléss aus de Veräinsversammlungen huet hie Buch ze féieren. An der Generalversammlung mécht hien e Rapport iwwer d'Aktivitéite vum Veräin. D'Sekretariat kann no Bedarf erweidert ginn.

Art. 40. De Keessier verwalt all Einnahmen an Ausgabe vum Veräin an féiert Buch doriwwer. De Keessier ass haftbar fir all déi him uvertraute Gelder a Beleger. All 3 Méint oder op Ufro bannen 8 Deeg huet de Keessier dem Komitee d'Comptabilitéit an d'Keess mat alle Beleger fir Kontroll virzeleeën. An der Generalversammlung mécht hien e Bericht iwwer d'Finanzsituatioun vun der Gesellschaft. No Bedarf kann d'Gérance vun der Keess erweidert ginn.

Art. 41. D'Kandidate fir Dirigent gi vum Komitee erausgesicht an de Musikante proposéiert. Virun de Musikanten mécht de Kandidat eng praktesch Prüfung an duerno gëtt vun de Musikante geheim ofgestëmmt. Am 1. Wahlgang ass déi absolut Majoritéit vun allen uwiesenden Musikanten erfuerdert, bei Stëchwahl déi relativ Majoritéit. Den Dirigent gëtt vum Komitee ernannt, a säin Aarbechtsverhältnis gëtt duerch e Vertrag geregelt. D'Ofberufung vum Dirigent geschitt duerch Komiteesbeschloss no Récksprooch

mat de Musikanten. Den Dirigent ass responsabel fir déi musekalesch Leedung vun der Gesellschaft. De Komitee beschwätzt mat him d'Programmgestaltung an de Joreskalenner fir Concerten a musekalesch Veranstaltungen.

Dem Dirigent kann ee Sous-Chef zur Seit gestallt ginn deen dem Dirigent hëlleft an hien ersetzt. De Sous-Chef, dee selwer Musikant am Veräin ass, gëtt vun de Musikante bestëmmt am Averständnis mam Dirigent. Bei Ofwiesenheet vum Chef an dem Sous-Chef, kënnen hir Fonktiounen op en anere Musikant iwerdroe ginn. An der Ausübung vun hirer Fonktioun sinn hir Uweisungen onbedéngt auszeféieren. Den Dirigent huet d'Recht, mam Accord vum Komitee, e Musikant vun engem Concert oder engem öffentlechen Optrëtt auszeschléissen, wann dëst noutwendeg ass.

Art. 42. D'Musikante si verpflicht, bei alle Prouwen an Optrëtter gewëssenhaft, disziplinéiert a pünktlech derbäi ze sinn. Wie verhënnert ass, muss sech am viraus beim Dirigent entschëllegen. Memberen aus dem Komitee déi Nëtmusikant sinn, musse sech un den Optrëtter vun der Gesellschaft bedeelegen a periodesch d'Prouwe besichen. Museksensemblen, déi sech aus Memberen vun der Gesellschaft zesummendinn, musse vum Komitee genehmegt ginn an ënnerstinn an allen Aktivitéiten dem Komitee.

Art. 43. Veräinsegentum, dat de Memberen uvertraut gëtt, ka nëmmen am Veräinsinteresse benotzt ginn. Ausnahmen fir e frieme Gebrauch musse vum Komitee genehmegt ginn. Och d'Benotze vum Vereinsinstrument an enger anerer Musek muss vum Komitee genehmegt ginn. D'Verléinen vu Veräinsegentum u Memberen oder Drëttpersounen gëtt mat enger Quittung beluecht. All Member as verpflicht, dem Komitee matzedelen, wa Veräinsegentum verluer gaangen ass oder gefléckt muss ginn. Schied oder Verloschter, déi der Gesellschaft doduerch entstinn, sinn zu Laaschte vum betraffene Member.

Kapitel VI. Veräinsjoer, Statutenännerung, Opléisung vun der Gesellschaft

Art. 44. D'Veräinsjoer fänkt den 1. Januar un an hält den 31. Dezember op.

Art. 45. Ännerungen vun de Statuten an d'Opléisung vun der Gesellschaft erfollegen no de Bestëmmungen vum Gesetz vum 28. Abrëll 1928.

Art. 46. Bei Opléisung vun der Gesellschaft ass dat ganzt Egentum a Veräinsverméigen der Gemeng vu Réiser ze iwwerdroen mat der Bestëmmung, datt et nëmmen un eng Musekgesellschaft ausgehännegt ka gin, déi bannen 5 Joer an der Gemeng Réiser nei gegrënnt gëtt. Wann no dëser Zäit keng nei Musekgesellschaft gegrënnt gouf geet d'Gesamtvermeigen un den Aarmebüro vun der Réiser Gemeng. Op kee Fall kann d'Vermeigen ënnert de Memberen opgedeelt ginn.

Art. 47. All Member kritt en Exemplär vun dëse Statuten. All Member muss d'Bestëmmunge vun dëse Statuten respektéieren.

Art. 48. Fir alles, wat net speziell duerch dës Statuten geregelt ass, gëllt d'Gesetz vum 21. Abrëll 1928.

Réiser, de 16. Januar 2009.

Fir de Komitee:

De Präsident, De Sekretär,

Memberslëscht vun der Gesellschaft[1]:

1.
2.
3.
4.

_____

Eischt Generalversammlung

Déi éischt Generalversammlung, déi sech als rechtméisseg aberuff ugesäit, huet de selwechten Dag folgend Beschlëss geholl:

1) Zesummensetzung vum Komitee

De Komitee setzt sech wéi folgend zesummen:

1.
2.
3.

2) Joresbäitrag

D'Joresbäiträg fir d'Gesellschaftsjoer 2009 fir Memberen gëtt op ?? Euro, a fir Eirememberen op ?? Euro festgeluecht.

* *

*

1 D'Memberslëscht, an alphabetescher Reienfolg, muss de Virnumm, Numm, Beruf, Wunnsëtz an d'Nationalitéit vun all Member oplëschten!!